
De JFA, de DPV an d'Pédagogie jeunes-pompiers vum INFS sinn d'lëscht Joer duerch Zone gaangen. Ufanks Mee goufen dann déi lëscht Feedbackkaarte vun den Zonereuniounen ausgewäert. E grousse Wonsch, den an all Zon vun de Betreierinnen a Betreier vun de Jugendpompjeeë komm ass, ass dat Vereinfache vun den administrative Prozesser.

Fir d'administrativ Prozesser méi kloer ze maachen an alles konzentréiert beieneen ze hunn, gouf de Programm Dynaforms ugepasst. Ënnert der Kategorie "Volontariat" fannt Dir lo all Dokumenter, déi d'Jugendpompjeeën betreffen. Verschidden Dokumenter beinhalte Hyperlinks fir op déi richteg Plaz viru geleet ze ginn.


Ze fannen sinn d'Dokumenter ënnert:




1. dynaforms.cgdis.lu;





2. mat E-Mailadresse und Passwort einloggen;




3. op "Volontariat" klicken;




4. op "Autres formulaires" klicken;




5. an der Kategorie "Volontariat" fennt Dir all Fiche mat dem Numm "Jeunes-Pompiers".

Wann Dir Froen zum Dossier hutt, kënnt Dir Iech gär bei der Pédagogie jeunes-pompiers mëllen:

Pédagogie jeunes-pompiers
**Institut National de Formation des Secours**
Département Formation Spécialisée
Tél. +352 49771 2591 // infs-jp@cgdis.lu